



Oochen, den 20. Mäerz 2022

Communiqué fir d'Summersemester 2022

Léif AVL'erinnen, Léif AVL'er,

D'Summersemester 2022 klappt un d'Dier an dofir si mer ganz frou lech mat dësem Communiqué op den aktuelle Stand vun den Evenementer, déi mer fir lech geplangt hunn, ze setzen.

Fir d'éischt well ech awer nach op eppes ganz Besonnesches dëst Joer hiweisen an zwar feiert den AVL säin **125. Jubiläum!** Den AVL kann also op eng ganz beachtlech Geschicht zrëck kucken an dofir loosse mer et eis och net huele fir dësen Anniversaire uerdentlech ze feieren. Aus desem Grond gouf en extraen 125 Joer AVL-Organisationscomité gegrënnt deen iwwert dat ganzt Joer verdeelt Eventer organiséiert bzw. bei eisen Eventer eng Hand mat upéckt. Informatiounen dozou ginn et och hei am Communiqué a falls ee méi iwwert Geschicht vum AVL well héieren, kann ech em just uroden eng kéier d'Säit vun eisen Ancien (www.aachen.lu) ze besichen. Lo awer rëm zrëck zu eisen Eventer ugefaange mat deenen déi all Woch stattfannen.

De **Lëtzebuurger Owend** ass wei schonns déi läscht Joren ëmmer Méindes **Owes** am **Kaktus** a fänkt um **20h** mat dem **AVL-Chouer** ënnert der Direktioun vun eisem Dirigent **Philippe Weides** un. Et sief dann och nach eng kéier erwänt dat de Philippe an de Comité sech fir jidderee freet dee kennt an dofir och jiddweree mat engem Béier belount gëtt. Et lafen och schonns Diskussiounen mam Norbert, fir déi déi en nach net kennen, him gehéiert de Bumms (Kaktus), fir dat mer rëm Dikrecher an eise Kaktus kréien.

Motto vum AVL-Chouer ass dëst Joer, wéi all Joer, „**Léiwer haart wéi richtig!**“

A punkto Sport hu mer dëst Summersemester geplangt **Fussball, Beachvolleyball a Basket** (dobaussen) unzebidden. D'Trainingen am Fussball wäerten, wéi schonns am Wantersemester, ëmmer **Donneschdes vun 21:30 bis 23:30** zu Kelmis sinn. Beim Beachvolleyball an dem Basket ass d'Umeldung beim Unisport réischt Enn des Mounts dofir wäert den Daniel iech no der Umeldung eng Mail mat den Terminer schécken. Geplangt si jeeeweils 2 Stonne fir de Basket a fir de Beachvolleyball.

Fir dat der direkt an der éischter Woch vun der Vorlesungszeit scho kennt vun enger AVL-„Soirée“ profitieren hu mer fir **Mëttwochs den 6. Abrëll** eng **Béierwanderung** geplangt. Fir no deem ville Setzen, während der Klausurenphase rëm lues a lues fit ze ginn, wandere mer dee Mette vun der Maartplaz bis op den Dräilännereck (ca. 5,7 km). Fir dat eis dobäi keen dehydréiert wäerte mer och fir dat néidegt Gedrénks suergen, wat der da vun der Maartplaz aus kennt mathuelen. Vue dat et net méiglech ass lo schonns Virauszesoen, wéi d'Wieder deen Dag gëtt kann et och sinn dat mer d'Event nach verréckele mussen.

Den „**Student fir 1 Dag**“ ass dëst Joer **Dënschdes den 12. Abrëll**. Vue dat fir d’Studienberatung nach méi streng Corona-Mesurë gëllen, wësse mer nach net genau wat Sie de Schüler alles kennen ubidden an dofir kenne mer Iech dëst och réischt zu engem spéideren Zäitpunkt norechen. Soubal mer wësse wéi eng Studiegäng eis future Bleue wëlle beleeden, wäerte mer eis nach eng Kéier bei Iech mellen, fir fir souvill wéi méiglech Fächer een AVL’er oder eng AVL’erin derbäi déi de Schüler hier Froen kennen beäntweren. Natierlech ass och soss jiddereen häerzlech invitéiert dee well am Nomëtte matkomme fir de Schüler eis schéi Stad ze weisen, resp. duerno nach mat an de Kaktus well kommen.

Freides den 22. Abrëll ass dann den **Opening fir t’125 Joresfeier vum AVL**. Dëst Event gëtt vum 125 Joer Comité organiséiert, deen extra fir des Feierlechkeete gegrënnt ginn ass. Wieder Informatiounen kommen hei natierlech no soubal mer des vum 125-Joer Comité kruten.

Dëst Joer ass den alljäreche Battle fir **d’Reine an de Roi National Samschdes den 30. Abrëll** bei eise Kollegen zu Léck. Nieft eisem Roi an eiser Reine stellt sech och eng Foussballequipe op dësem Event géint eis Konkurrenz aus Léck, Bréissel a Louvain. Falls dir bei der Equipe vun Ooche wëllt matspillen da mellt iech w.e.g. bei eisem Sportminister, dem Daniel Weiler aka. DEN Weiler, ënnert daniel.weiler@avl.lu. Fir dat eis Sportskanounen an deenen zwou Disziplinen zu neien Héchstleeschtung motivéiert ginn, si mer natierlech op all eis AVL Ultras ugewisen déi Sie mat guddem Gesank a flotte Schëlde ënnerstëtzen. Fir dat mer all sécher, an ëmweltfrëndlech, an dat klengt Dierfche kommen, schloe mer Iech am Virfeld 4 Trajeten (Tabell) fir, bei deene mer och eppes bei leeë wäerten. Déi genau Verbindungen a wéi vill mer bei leeë, soe mer Iech an enger Mail puer Woche virdrun. Dofir Maile liesen ni vergiessen!

Aller	Retour
30. Abrëll Moies	30. Abrëll Owes
30. Abrëll Mettes	1. Mee Moies (Feierdag)

D’Belscht Béierfest ass dëst Joer **Dënschdes den 17. Mee** op der Grillplaz Gurzbrunnstraße (do wou et och schon 2021 war). Wéi all Joer kritt der hei eng sëllege (ca. 10 verschidden) belsch Béieren ze degustéieren, accompagnéiert vun lesse vum Grill a selwergemaachtenen Zaloten. D’Locatioun ass och perfekt derfir gëeegent fir puer Partië Béierpong a Flunkyball ze spillen. Vue dat dëst Event mëttlerweil zu den «AVL meets LSC» Eventer gehéiert, ass dëst och eng formidabel Geleeënheet fir är Kölner Kollege beim LSC ze invitéieren. D’Locatioun léit bësse méi wéit ausserhalb vun Oochen an dowéinst leeë mer Iech all ganz staark un d’Häerz fir mam Bus hei hin ze kommen. Bléift also just nach ze hoffen dat d’Wierder matspillt.

Den **Staffellaf** ass dëst Joer **Freides den 20.** a Samschden **den 21. Mee**. Freides geet et vun Ooche bis an d’Heemecht vun eisem Präsi Pol, op Dol. Do gëtt et duerno een Empfangspatt an et gëtt gegrillt. De Wee bis an den héischen Norde lount sech also definitiv a wann sech der genuch mellen déi duerno de Wee zrëck net méi wëllen/kennen an Ugrëff huelen da proposéiere mer Iech eng Schlofplaz. Mellt Iech dofir awer fréi genuch bei eisem Präsi Pol, vun Dol. Samschdes moies geet et da vun engem Präsi zum nächsten, fir méi präzis ze sinn, geet et vun Dol op Bartreng bei de Guy Lux, President vun eisen Ancien. Hei wäert et dann nach eng kéier en Éierewäin ginn et lount sech also fir och heihin ze kommen, falls Dol verschiddene Minettsdäpp vläicht dach ze wäit sollt sinn. Fir déi déi sech bei dësem Event dann och sportlech wëllen engagéieren, wäerte mer puer Woche virum Staffellaf eng Versammlung organiséieren, wou mer déi eenzel Etappen opdeelen, mee dozou wäert eisen Här Sportminister nach eng Mail rausschécken.

Donneschdes de 26. Mee ass déi 46. Editioun vum **Landjugenddag** deen dëst Joer do uewen zu Harel ass. Dëst ass eng Aart Rallye mat verschiddene Statiounen, wou een sech an seng Equipe muss ënner Beweis stellen. Natierlech wollte mir dëst Joer och rëm 1 Equipe fir den AVL umellen an op déi éischt Plaz kommen.

Dëst Joer steet dann och endlech rëm den **ING Marathon** um Programm. Dësen ass **Samschdes den 28. Mee** an der Stad a mir wäerten do och rëm en Ravi laanscht Piste souwéi en Gedrénks- an lesstand hunn. Mir organiséieren déi Saachen all mat eise Kölner Kollegeen zesummen, mee trotzdeem wäerte mer warscheinlech op zousätzlech Ënnerstëtzung ausserhalb vum Comité mussen zrëckgräifen. Enplus freeë mer eis fir jiddereen deen den Dag bei eis op de Stand kennt fir eppes ze drénken oder ze iessen. Loosst Iech dëst grouss Event net entgoen!

Eng weider Geleeënheet fir engem säi sportlech Talent ënner Beweis ze stelle besteet beim **RWTH FH Sports Day** deen dëst Joer **Mëttwochs den 1. Juni** ass. Bei dësem Event wäerte mer rëm mat enger Fussball- an enger Basketequipe un den Depart goen. Wéi béi all eise Sporteventer si mer natierlech och hei frou iwwer all Supporter deen eis Equippen ufeiere kennt. Donieft ass dëst och eng gutt Geleeënheet fir puer Schnupperkuere bei verschiddene Sportkuere vun der RWTH ze maachen.

Vun **Donneschdes dem 9. Juni op Freides den 10. Juni** steet dann en wiedereren Intercercle um Programm an zwar den **Beachvolleyballtournoi zu Kaiserslautern**. Hei wäerte mer traditionell mat puer Equippe vun all Niveau untrieden an deenen anere Cercle wise wéi gutt mir dat ganz Semester an der Sonnestad Oochen trainéiert hunn. Natierlech kann eng Equipe nëmmen sou gutt spille wéi see ugefeiert gëtt, dofir ass et och hei rëm den Appell un all eis AVL-Ultras fir mat eis op Lautern ze kommen, dir wäert et och sécher net bereien. Ofschléissend gëtt dann nämlech nach gegrillt an 2-x Pätt gedronk wouduerch egal wéi gutt ee gespillt huet ëmmer eng ganz lëschtteg Atmosphär entsteet. A wann de Fierschter net rëm ze vill Angscht em d'Wuerzele vu senge schéine Beem huet, kenne mer duerno och am Bësch campéieren.

D'**Kulturees** feiert eis dëst Joer vu Samschdes **den 11. Juni** bis **Mëttwochs de 15. Juni** an déi schéi spuenesch Stad **Barcelona**. Fir dëst kulturellt Mega-Event huet eis Kulturschmier en ganze Programm op d'Been gestallt mat ënner anerem enger Stad-Féierung, Tango-Danzstonden an engem Sunset Sailing Cruise. Wéi den Alain schonn an enger Mail Mëtt Mäerz matgedeelt huet ass d'Umeldung fir des Rees schonn ugaangen an dauert nach bis den **30. Mäerz**. Wann der wëllt matgoen da mellt Iech am beschten sou schnell wie méiglech beim Alain ënnert alain.georges@avl.lu well d'Platze limitéiert a vill gefrot.

De **Match géint d'Ancien** ass dëst Joer **Samschdes den 18. Juni** zu **Lëntgen**. Wéi den Numm et schoun seet triede mer hei géint eng Foussballequipe vun eisen Ancien un. Nieft dem Fussball gëtt dann och gegrillt a puer Pätt gedronk, dofir sinn och all déi déi mat Fussball näischt um Hutt hunn bei dësem Event häerzlech Wëllkomm.

D'**Table Ronde an d'Ponttorféier** ass dëst Joer rëm, wéi et sech gehéiert, am Summer an zwar **Freides de 24. Juni**. Wéi gewinnt ass des rëm am ForumM iwwert der Mayerschen. Fir déi déi dat wuel wichtegst Event vum AVL nach net kennen hei eng kuerz Beschreibung: Den Owend fänkt un mat interessante Virträg vun eise Partner wou des hier Entreprisë kuerz presentéieren. Duerno gëtt et dann en Walking Dinner während deem dir d'Geleeënheet hutt mat dëse Partner a Kontakt ze trieden

an iech vläicht fir eng Platz an hirem Betrib ze mellen. Dat ganzt gëtt mat gudder Musek an deem engen oder anere Patt Wäin begleet. Deen ganzen Owend ass Tenue Correcte ugesot, fir dat mer herno och schéi Fotoe vum Owend kréien. Loosst Iech dëst Event also op kee Fall entgoen. Vue dat den AVL dëst Joer och nach 125 Joer féiert wäert dëst Event och nach iwwert de Weekend verlängert ginn. Hei bidde mer iech dann, soubal der rëm aus dem Solper sidd, eng réi Events zu Oochen un déi vun dem Organisatiounscomité fir d'125 Joer Feierlechkeete geplangt goufen.

D'Stroosbuenger organiséieren **Samschdes den 25. Juni** rëm de **Summercup**. Heibäi handelt et sech em en Futtballturnéier deen ee mol d'Joer zu Lëtzebuerg stattfënnt. Leider fält dëst Event dëst Joer an den nämmlechten Zäitraum wéi eis Ponttorféier extended wou mer natierlech frou wiere wann all eis Membere géife kommen.

Freides den 8. Juli ass rëm de **Studentebal** um Bouillon. Bei dësem ACEL's Event wäerte mer, wéi schonns d'läscht Joer, en Stand zesumme mat de Kölner an de Münchener maachen. Vue dat bei dësem Event ëmmer vill verschidde Cerclen hëllef ass et déi ideal Geleeënheet fir mat Studente vun aneren Unien ze feieren. Donieft kenn der hei och spezial Cocktails vun deene verschiddene Cerclë schlürfen. Loosst Iech dëst risegt Event dofir net entgoen.

Zum Ofschloss vun eisem Summersemester hunn mer Mëttwochs **den 13. Juli en Oofsch(I)oss Fest**. Bei dësem Event hutt der eng gutt Geleeënheet fir een drop ze maachen éier d'Klausurenphase rëm sou richtig ugeet. Vue dat dëst Event matten am Summer ass wäerte mer de Grill uschmäissen a fir puer gutt kal Béier suergen. Traditionell gëtt et hei ëmmer de Karel vum Semester ze ergatteren, dofir loosst Iech dëst Event op kee Fall entgoen.

D'REEL (Réunion Européenne des étudiants luxembourgeois) ass dëst Joer vum **29. September bis den 2. Oktober** zu Heidelberg an zu Kaiserslautern. Weider Informatiounen zu dësem Event wäerte mer iech matdeele soubal se raus sinn.

Mir bléift da lo just nach iwwreg Iech all en schéint an erfollegräicht Summersemester ze wënschen. Ech hoffen Iech op sou vill wéi méiglech Soiréeë kennen ze gesinn an dat mer zesummen aus dësem Semester eppes Besonnesches kenne maachen.

Vive 125-Joer AVL

Vive de Comité

Vive den AVL-Chouer

Vive eis Memberen déi wéi ëmmer op all eis Soireen wäerte kommen,

Vive Lëtzebuerg

Vive Oochen,

Vive de Summer

A Vive an de Kaktus

Fir de Comité,

Felix